



N°7903  
Entrée le 20.04.2023  
Chambre des Députés  
Déclarée recevable et urgence non-reconnue  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 20.04.2023

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/04/2023

Här President,

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Säit dem 17ten Abrëll däerf de Generalist, géint deen 2022 een zäitweilegt Berufsverbuet ausgeschwat gi war, erëm schaffen. Seng Praxis ass erëm op wéi d'Tageblatt an engem Artikel vum 19ten Abrëll mell. Wéi d'Lëtzebuenger Land d'lescht Joer gemellt hat, hat de Medezinner vill Déngschter am Centre médical zu Ettelbréck iwwerholl.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann de Generalist och erëm seng Aarbecht an engem Centre médical ophuelen?
2. Wa jo, wäert dofir gesuergt ginn, dass zäitgläich nach een aner Dokter oder eng aner Doktesch present ass, fir dass d'Patienten net gezwonge sinn sech vum verurteelte Generalist behandeln ze loossen?
3. Kann d'Ministesch Afloss dorop huelen, wien an engem Centre médical Déngscht huet? Wien ka soss Afloss dorop huelen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc  
Deputéierten

